ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Zeitungsartikel vum 14. August äussert sech de President vum SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique) enttäuscht doriwwer, datt de SIGI net genuch géif mat agebonne ginn, wat d'Bestriewunge vun der Digitaliséierung an de Ministèren a Verwaltungen ugeet. Et wär deemno esou, datt de SIGI och net zefriddestellend géif agebonne ginn am Hibléck op d'Reform vum Gemengegesetz.

Fir de President vum SIGI ass et iwwerdeems net ze verstoen, datt d'Verwaltunge bei der Sich no digitale Léisunge verstäerkt op auslännesch Ubidder zeréckgräifen, wat mat enger ganzer Rei Nodeeler – och finanziell Natur – verbonnen ass, obwuel de SIGI esou Léisungen och ubitt. Lëtzebuerg géif deemno säi Potential, wat d'Digitaliséierung ugeet, zu engem groussen Deel verspillen, an dëst, obwuel extra e Ministère fir Digitaliséierung an d'Liewe geruff gouf.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung sech bewosst, datt vu Säite vum SIGI eng Onzefriddenheet besteet, well een net genuch an de Prozess vun der Digitaliséierung vun de Verwaltungen a Ministèrë mat agebonne gëtt?
2. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt vill Verwaltunge bei der Sich no digitale Léisungen op auslännesch Ubidder zeréckgräifen, obwuel och de SIGI dës Servicer kéint assuréieren?
3. Wat gedenkt d'Regierung elo konkret ze ënnerhuelen, fir op d'Doleance vum SIGI anzegoen an dësen och verstäerkt an den Digitaliséierungsprozess vun de Ministèren a Verwaltunge mat anzebezéien?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten